# gerecht Léisunge fir haut a muer

Lëscht 7

PIRATEN



## Fir eng gerecht Steierreform

D'Piraten fuerderen en Ofschafe vun de Steierklassen an domat eng Besteierung, bei där all Persoun gläich behandelt gëtt, onofhängeg vum Bezéiungsstatus.



## Kannerbetreiung

D'Piraten fuerderen d'Ausbezuele vun engem bore Chèque-Service d'Accueil, esou dass jidderee fräi entscheede kann, ob en seng Kanner an eng Struktur wëll ginn oder léiwer selwer bei senge Kanner doheem bleiwe wëll.



## Sécherheet

D'Piraten fuerderen eng méi staark physesch Policepresenz op eise Stroossen an ëffentleche Plazen zesumme mat Street Workeren a sozialen Déngschter. Dat ass déi beschte Léisung, fir d'Sécherheetsgefill hei am Land z'erhéijen.



## Ëmweltfrëndlecht Verhalen belounen

D'Piraten fuerderen dat all Persoun all Mount eng Direkthëllef (Klimabonus) ausbezuelt kritt an als Ausgläich d'CO2-Steier op verschiddene ëmweltschiedlechen Produkter ugepasst gëtt.



## Oppen & digital Wirtschaft

D'Pirate fuerderen eng Vereinfachung vu Firmegrënnungen an en nohaltege Wirtschaftswuesstem, dee vun Recherche, Innovatioun an Digitalisatioun gedriwwe gëtt.



## Fir jiddereen en Daach iwwert dem Kapp

D'Piraten fuerderen dat ëffentlech Wunnenge fir 10€ de Quadratmeter pro Mount sollen verlount ginn an iwwert d'Formel vum Mietkauf och e méiglechen Accès zur Proprietéit gebuede gëtt.



## Dir sollt dierfe matschwätzen

D'Piraten fuerderen eng reell Biergerbedeelegung, wou mir ëffentleche Petitioune méi Gewiicht ginn, en participative Budget an en nationalen Biergerrot aféieren.



## Dignitéit am 3ten Alter

D'Piraten fuerdere en universellen Zougang zu Zëmmeren an Alters- a Fleegeheemer, onofhängeg vun der finanzieller Situatioun vun de betraffene Leit.



## Séieren Accès am Gesondheetsberäich fir jiddereen

D'Piraten fuerderen eng méi grouss Offer u Maisons médicalen, méi Informatioun zu deem wat ugebuede gëtt a méi laang Ëffnungszäiten, fir och wierklech d'Urgencen an de Spideeler kënnen z'entlaaschten.